N°7840
Entrée le 30.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.03.2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Inneministesch weiderzeleeden:

*„Wéi gëschter an enger Dageszeitung ze liesen war, gëtt et zënter dräi Joer keen neie Moment, wat d'Kreatioun vun engem gemeinsame Centre d'incendie et de secours (CIS) vun de Gemenge Beetebuerg an Diddeleng betrëfft. Schonn am Mäerz 2020 hate mir den ëmstriddene Site vum neie CIS an der Industriezon "Riedgen" an enger parlamentarescher Ufro opgegraff.*
*An deem Kontext si mir gewuer ginn dass sech am Beetebuerger Corps Froen iwwert d' Funktiounsfäegkeet an d'Zukunft vun hirem Corps gestallt ginn.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:*

- *Kann d'Madamm Inneministesch d'Informatioune confirméieren, dass et keen neie Moment an dësem Dossier gëtt?*
- *Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?*
- *Ass d'Madamm Inneministesch nach ëmmer vun der Kreatioun vun dësem gemeinsame CIS iwwerzeegt?*
- *Wa jo, wat ass d'Madamm Inneministesch gewëllt z'ënnerhuelen, fir dëse Projet weiderzedreiwen ouni déi geplangte Fusioun vu béide Corpsen ze hypothekéieren?*
- *Wann neen, wat sinn d'Alternativen, dass béid Corpsen och an Zukunft funktiounsfäeg bleiwen?"*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Max HAHN
Deputéierten